

ENDLECH DE GEMENGEROT EESCHT HUELEN

D'Stad Déifferdeng ass Affär ginn, net vun engem peinélechen, mee vun engem kriminelle Bedruchsfall, dat am Mee 2026. Iwwer 400.000€ sinn am Kader vum Chantier vum Gemengenhaus un e falsche Konto an Holland iwwerwise ginn. Réischt méi wéi 4 Méint méi spët, den 30. September gött de Gemengerot doriwwer informéiert. Et huet ee wuel gehofft d'Suen iergendwéi zeréck ze kréien, an d'Affär ënnert den Teppech ze kieren.

Datt dat esou laang gedauert huet, éier ee Gemengerot informéiert gött ass inakzeptabel an dilettantesch.

Nom Gemengerot vum 30. September huet de Schäfferot da Stéck fir Stéck eenzel weider Elementer missten zouginn, wou d'Presse glécklecherweis recherchéiert huet. Dat ass déi sougenannte 'Salamitaktik'. No ville widdersprénglechen Aussoe vu Membere vum Schäfferot, an offensichtlecher Onkenntnes vum Dossier, kritt d'Press da Freides Oves de 9. Oktober 2026 eng Chronologie vun der Affär geschéckt. Endlech géife mer gäre soen, mee och do gouf de Gemengerot nees ëmgaangen an net informéiert.

Et geet em 407.755,74€ Steiergelder !

Fir d'Gemengeréit vun der Opposition am Déifferdenger Gemengerot ass d'Vertraue verluer. Mir ginn net sérieux geholl.

Des Weidere goufe mer informéiert, datt virum Gemengerot vum 30. September d'Comitésmembere vun de Majoritéitsparteien éischer iwwer dëse Virfall informéiert goufe wéi déi gewielte Volleksvertrieder.

An dëser Affär gouf et keng Transparenz an d'Krisekommunikatioun war a bleift eng Katastroph. Mir hoffen dass net nach weider Iwwerraschungen op eis zoukommen a fuerderen de Schäfferot op :

- d'Opposition am Gemengerot endlech eescht ze huelen an ëmmer zäitno iwwer all néideg Dossier a Virfäll ze informéieren;
- an dësem Dossier, an och fir d'Zukunft, endlech transparent ze schaffen;
- de Gemengerot genau ze informéiere wéi d'Prozeduren adaptéiert goufen, och am Fall vun enger sougenannter 'No match'-Notifikatioun vun enger Bank, wéi et hei de Fall war;
- an d'Formatioun géint Cyberkriminalitéit ze investéieren an d'Gemengepersonal an deem Kontext net eleng ze loossen an ze schützen;
- an dat beschtméiglecht informatescht Material ze investéiere fir sou Virfäll ze evitéieren.

Mir widdersprieche dem aktuelle Buergermeeschter formell, deem am Gemengerot gesot huet e géif keng Noutwendegkeet gesinn d'Prozeduren unzepassen.

Den Déifferdenger Schäfferot muss endlech seng Verantwortung iwwerhuelen.



ENFIN, LE CONSEIL COMMUNAL DOIT ÊTRE PRIS AU SÉRIEUX

La Ville de Differdange a été victime non pas d'un incident embarrassant, mais d'une escroquerie criminelle survenue en mai 2026. Plus de 400.000€ ont été virés sur un faux compte bancaire aux Pays-Bas dans le cadre du chantier de l'hôtel de ville. Ce n'est que plus de quatre mois plus tard, le 30 septembre, que le conseil communal en a été informé. On a probablement espéré récupérer l'argent d'une manière ou d'une autre et ainsi étouffer l'affaire.

Le fait qu'il ait fallu autant de temps avant d'informer les membres du conseil communal est inacceptable et témoigne d'un amateurisme flagrant.

Après la séance du conseil communal du 30 septembre, le collège des bourgmestre et échevins a dû reconnaître progressivement, au compte-gouttes, différents éléments supplémentaires, révélés grâce aux investigations de la presse. C'est ce que l'on appelle la « tactique du salami ». Après de nombreuses déclarations contradictoires de membres du collège échevinal et une méconnaissance manifeste du dossier, la presse a finalement reçu, le vendredi soir 9 octobre 2026, une chronologie des événements. Nous serions tentés de dire « enfin », mais là encore, le conseil communal a été contourné et n'a pas été informé.

Il s'agit de 407.755,74€ d'argent public !

Pour les conseillers communaux de l'opposition au sein du conseil communal de Differdange, la confiance est rompue. Nous ne sommes pas pris au sérieux.

Par ailleurs, nous avons appris que, avant la séance du conseil communal du 30 septembre, les membres des comités des partis de la majorité avaient été informés de cet incident plus tôt que les représentants élus de la population.

Dans cette affaire, la transparence a fait défaut et la communication de crise a été, et demeure, catastrophique. Nous espérons qu'aucune autre mauvaise surprise ne viendra s'ajouter à celles déjà révélées et demandons au collège échevinal :

- de prendre enfin au sérieux l'opposition au sein du conseil communal et de l'informer en temps utile de tous les dossiers et incidents nécessitant son attention;
- de faire enfin preuve de transparence dans ce dossier, mais aussi à l'avenir;
- d'informer précisément le conseil communal des procédures qui ont été adaptées, notamment en cas de notification bancaire dite « No match », comme c'était le cas ici;
- d'investir dans la formation à la lutte contre la cybercriminalité, et de ne pas laisser le personnel communal seul face à ces risques, mais de l'accompagner et de le protéger;
- d'investir dans les meilleurs équipements informatiques possibles afin d'éviter que de tels incidents ne se reproduisent.

Nous contestons formellement les propos du bourgmestre actuel, qui a déclaré lors de la séance du conseil communal ne pas voir la nécessité d'adapter les procédures.

Le collège échevinal de Differdange doit enfin assumer ses responsabilités.

